# E STAARKE SECTEUR FIR STAARK JONKER



De Jugend-secteur

Jugendhaiser Jugendorganisatiounen Jugendservicer

**Impressum**

Editeur: Service national de la jeunesse (SNJ)
Grafik a Layout: Comed SA
Erscheinungsjoer: 2024 (1. Editioun)
ISBN: 978-2-919828-74-6

# Jonker

## staark maachen

De Jugend-secteur

Jugendhaiser Jugendorganisatiounen Jugendservicer

# ALEEDUNG

De Jugendsecteur ass e klenge, mee wichtege Secteur. Et ass en diversifizéierte Secteur, an och wann déi verschidden Acteuren hir eege Missiounen hunn, hu si dach ganz vill Gemeinsamkeeten. Alleguerte bidde si de Jonke Méiglechkeeten hir Stäerkten ze entdecken, aus ze probéieren an ze entwéckelen an ënnerstëtze si domat fir staark Membere vun eiser Gesellschaft ze sinn.

Mir stellen an dëser Brochure vir, wat d'Acteuren aus dem Jugendsecteur verbënnt a fir wat si stinn. Dat wëlle mir mat engem "Narrativ" maachen, mat deem mir d'Ziler, d'Missiounen, d'Wäerter an d'Approche vum Secteur erklären an déi verschidden Aktiounsfelder beschreiwen.

Och wann net all Acteur an all eenzelne Beräich, deen hei virgestallt gëtt, aktiv ass, esou deele si dach all e gemeinsaamt Zil: dat vun dem "staarke Jonken". Dëst Zil ass de Grond firwat et e Jugendsecteur iwwerhaapt gëtt. Dat ass d'Basis vum Narrativ.

Mam Narrativ wëlle mir d'Identitéit vum Secteur stäerken, d'Zougehéieregkeetsgefill ënnerstëtzen an d'Kommunikatioun no bausse verbesseren. Mat enger klorer Duerstellung vun deem fir wat de Secteur steet, kréie mir den néidegen Interessi an d'Vertrauen. D'Ëffentlechkeet, d'Elteren, d'Institutiounen an d'Organisatioune verstinn domat wat eis Ziler sinn, wat fir eng Wäerter mir vertrieden, wéi mir schaffen a wat fir Angeboter mir hunn. E kloert Bild verstäerkt och d'Professionalitéit am Secteur an erliichtert d'Kooperatioun mat Acteuren aus anere Beräicher.

E gudden Narrativ vum Jugendsecteur ass en efficace Moyen fir d'Jugendaarbecht effizient an nohalteg ze gestalten an hir déi verdéngte Visibilitéit ze ginn. Et ass eng Basis fir eng besser Kommunikatioun no baussen, eng laangjäreg Demande vum Secteur.

**Den SNJ**

# ENG POLITIK FIR JONKER

D'Jugendpolitik huet eng sektoriell an eng transversal Dimensioun.

Si schaaft de Kader a stellt Mëttel zur Verfügung fir et de verschiddenen Acteuren aus dem Jugendsecteur ze erméiglechen eng, de Besoine vun de Jonken ugepasste Jugendaarbecht ze leeschten.

D'Jugendpolitik huet nieft dësem sektorielle Volet och en transversalen Aspekt. Transversal ass d'Fuerschung iwwer d'Situatioun vun de Jonke wou eng ganzheetlech Vue vum Jonken a senge Liewensberäicher ageholl gëtt. D'Participatioun vun de Jonken ass hirersäits an allen Domainen, déi Jonker betreffen, erwënscht an domat och transversal.

D'Jugendpolitik entwéckelt de Kader an engem strukturéierten Dialog mat den Acteuren: Jugendhaiser, Jugendorganisatiounen, Jugendservicer a Gemengen.



# DE JUGENDSECTEUR AN ZUELEN

**66** Jugendhaiser mat Annexen

**89** lokal Scoutsgruppen

**7** Servicer fir déi benevole Jugendaarbecht ze ënnerstëtzen

**10** Servicer "Jugendwunnen"

**10** spezialiséiert Jugendservicer


**70** ETP an de Jugendservicer

**17** ETP an de Jugendwunnservicer

**270** ETP an de Jugendhaiser

Ongeféier **2000** Animateuren

Ronn **900** nei Animateursbreveten pro Joer


Gesondheets-
secteur
soziale Secteur
Aarbechts-
secteur
Schoul
Jugendsecteur

# E SECTEUR FIR JONKER

## De Jugendsecteur huet seng eegen Identitéit

De Jugendsecteur charakteriséiert sech doduerch, datt e sech un e breede Public adresséiert an oppe fir jiddereen ass. E riicht sech u Jonker an hirer Fräizäit. D'Approchen an d'Methoden sinn déi vun der non formaler Bildung. De "Learning by doing", d'Schaffen am Grupp an d'Matbestëmmung vun de Jonke si wesentlech Elementer dovun.

De Jugendsecteur huet punktuell Iwwerlappunge mat anere Secteure, mee bleift och do wou en no un aner Beräicher eru kënnt, sengen Approchen a Prinzippien trei.



# JONKER STAARK MAACHEN

## D'Missioun vum Jugendsecteur ass Jonker staark ze maachen

Jugendaarbecht geschitt op ville Plazen. De Jugendsecteur ass dee wou se am stäerkste gelieft gëtt.

Zum Jugendsecteur gehéieren all déi Servicer an Organisatiounen, déi mat qualifizéierte Professionelle schaffen oder mat Benevollen, déi eng Animateursformatioun ofgeschloss hunn.

De Secteur ass ganz villfälteg zu Lëtzebuerg: et gëtt e gutt Netz vu Jugendhaiser, eng Rei Organisatiounen am Beräich Jugendwunnen, eng Rëtsch spezialiséiert Servicer a staark benevole Jugendorganisatiounen.

D'Jugendaarbecht am Jugendsecteur huet als Zil Jonker staark ze maachen.

Staark Jonker si Jonker, déi :

- sech wuel an hirer Haut spieren
- selbststänneg sinn
- verantwortungsbewosst handelen
- kritesch denken
- solidaresch sinn
- hir Stäerkte kennen a kreativ sinn

De Jugendsecteur mécht Jonker staark andeems en hinnen e Kader bitt, wou si sech ongezwonge begéine kënnen a villfälteg Erfarunge maache kënnen. Si kënne matt schwätzen, ginn encouragéiert aktiv ze sinn, kënnen aus Feeler léieren a fannen Ënnerstëtzung.



Plaz, Zäit a Méiglechkeeten
fir ze experimentéieren
a seng Stäerkten kennen
ze léieren

# JONKER, JONK SI LOOSSEN

## De Jugendsecteur bitt e Kader wou Jonker, jonk kënne sinn

Campen, gemeinsam Openthalter am Ausland a Jugendprojete wierke wéi "Zäitinselen" well se de Jonken e Raum bidden an deem se, fräi vu schouleschen oder familiären Erwaardungen, agéiere kënnen. Si kënnen an engem geschützte Kader experimentéieren an, duerch Probéieren a Feeler maachen, hir Stäerkte kenne léieren an entwéckelen. Dës, oft intensiv an onvergiesslech, Erliefnisser bleiwen hinne laang an Erënnerung a prägen hir perséinlech Entwécklung.




# Plaz fir Jonker



## De Jugendsecteur bitt de Jonke Plazen wou si sech ongezwongen treffen, an eppes zesummen ënnerhuele kënnen

De Jugendsecteur schaaft geziilt Plazen déi op d'Bedierfnisser vun de Jonken ausgeriicht sinn. Et si Plaze wou déi Jonk sech fräi mat Gläichaltregen treffe kënnen a mat hinnen zesummen eppes ënnerhuele kënnen. Si kënnen do hir Fräizäit selwer gestalten a kreativ sinn. Si profitéiere vun engem Encadrement, dee si an hiren Iddien a Projeten ënnerstëtzt.

De Jugendsecteur setzt sech och a fir Plaze fir Jonker am ëffentleche Raum, wou si sech ouni Encadrement ophale kënnen.

# Jonker

**zesumme bréngen**





## De Jugendsecteur bréngt Jonker zesummen an hëlleft hinne Frëndschaften ze schléissen

Duerch gemeinsam Aktivitéiten, Projeten oder Veranstaltunge fërdert de Jugendsecteur den Austausch an d'Zesummenaarbecht tëscht de Jonken, wouduerch sozial Kontakter vereinfacht ginn. Jonker kënne méi liicht Frëndschafte schléissen a sech enger Grupp zougehéiereg fillen. Dës Form vu sozialer Interaktioun stäerkt d'Gemeinschaftsgefill a bitt Orientéierung a Réckhalt.

# Erfarunge fir Jonker



# De Jugendsecteur bitt de Jonken d'Méiglechkeet fir flott a villfälteg Erfarungen ze maachen



Duerch Aktivitéiten an engem Jugendhaus oder an enger Jugendorganisatioun, Fräiwëllegendéngschter, europäesch Echangen oder aner Projete léieren déi Jonk net nëmme praktesch Fäegkeeten, mee se entwéckelen och sozial Kompetenze wéi Teamaarbecht, Empathie a Verantwortung.



Eng Stëmm fir Jonker



## De Jugendsecteur setzt sech an, fir datt Jonker gehéiert ginn a matschwätze kënnen

D'Matbestëmmung ass en zentraalt Uleies vun der Jugendaarbecht. De Jugendsecteur bitt de Jonke vill Méiglechkeeten sech iwwer aktuell Themen ze informéieren an hir Meenung ze äusseren. Dobäi schwätzt de Jonken als gläichwäertege Member vun der Gesellschaft mat.

De Jugendsecteur setzt sech duerfir an, datt déi Jonk eng Stëmm an der Gesellschaft hunn, an hiert Uleies an hir Revendicatiounen eescht geholl ginn. D'Acteure sinn domat och Sproochrouer vun de Jonken.

Brécke baue fir Jonker



# De Jugendsecteur baut de Jonke Brécken zu Servicer an Organisatiounen, déi si weider bréngen



De Jugendsecteur baut Brécke fir Jonker zu anere Secteuren oder Ënnerstëtzungsangeboter. En hëlleft de Jonke sech iwwer hir Méiglechkeeten ze informéieren. E vernetzt Jonker mat lokalen Acteure wéi Veräiner oder Servicer. D'edukatiivt Personal erkennt individuell Besoinen a vermëttelt bei Bedarf weider u Berodungsstellen oder Ënnerstëtzungsangeboter.

# Jonker encouragéieren





## De Jugendsecteur encouragéiert Jonker hir Talenter a Stäerkten weider ze entwéckelen an ze weisen

De Jugendsecteur bitt de Jonke villfälteg Méiglechkeeten hir Interessen a Fäegkeeten aus ze probéieren a weider ze entwéckelen. A kreative Workshops, uspriechenden Aktivitéiten an interessante Projete kënne si sech an neie Beräicher ausprobéieren an nei Talenter entdecken. Feedback an Unerkennung vun den Organisateuren an dem Encadrement motivéiert déi Jonk hir Stäerkte weider ze entwéckelen.



# Verantwortung fir Jonker



## De Jugendsecteur encouragéiert Jonker Verantwortung ze iwwerhuelen an dorun ze wuessen

Am Jugendsecteur kréien déi Jonk systematesch Verantwortung iwwerdroen. Si ginn an d’Organisatioun an d’Duerchféierung vu Projeten abezunn. Se kënnen Entscheedungen treffen, Aufgaben iwwerhuelen a léieren esou, datt si fir d’Gelénge vun Aktivitéite mat verantwortlech sinn. Dat stäerkt net nëmmen hiert Selbstbewosstsinn, mee fërdert och hir organisatoresch a sozial Fäegkeeten. Andeems si Verantwortung iwwerhuelen, entwéckele se e méi staarkt Bewosstsinn fir d’Gemeinschaft a fir d’Auswierkunge vun hirem Handelen.

# Do si fir Jonker





## De Jugendsecteur ass do fir déi Jonk, lauschtert op si an hëlt sech hire Froen un

An der Jugendaarbecht kritt deen eenzele Jonken Opmierksamkeet geschenkt an et gëtt op dat agaange wat hie perséinlech beschäftegt. Dat geschitt duerch vertrauensvoll Relatiounen an op Aenhéicht. Et gëtt versicht Äntwerten op Froen ze fannen an, zesumme, no Léisunge gesicht. De Jonke gëtt encouragéiert säin eegene Wee ze fannen a selwer aktiv ze ginn. D'Autonomie vum Jonken ass e wichtegt Zil vun der Jugendaarbecht.

# PERSPEKTIVE FIR JONKER

## D'Visioun vum Jugendsecteur ass et e staarke Partner fir déi Jonk ze sinn.

E Secteur deen de Jonken:

- Plaz, Zäit a Méiglechkeete bitt sech ze begéinen, ze experimentéieren an hir Stäerkte kennen ze léieren,
- duerch seng villfälteg Offeren an hirer perséinlecher Entwécklung ënnerstëtzt,
- hëlleft sech Perspektive fir eng autonom Zukunft ze schafen,
- erméiglecht mat ze schwätzen, Verantwortung ze iwwerhuelen an eng aktiv Roll an der Gesellschaft ze spillen,

an esou zu der Kohäsioun an der Gesellschaft bäidréit.

jonker
staark maachen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service national
de la jeunesse